



POMPJEESVERBAND

FLASH Februar 2021

Kolleeginnen a Kollegeen Pompjeeën am CGDIS,

Mir krute vill Froen betreffend d' Medailen. De Verband verleit aktuell just déi 4 Stufen vun der Croix de Mérite un aktiv Pompjeeën baséierend um Déningschtalter. Den Déningschtalter fänkt un deen Dag wou een iwwert seng Amicale beim Verband gemellt ass. Hei ass et wichteg datt Zenterchef a Responsabel vun der Amicale zesummen schaffen. Falls elo keen Donnéeën huet, kënt der lech un eist Sekretariat wenden fir gehollef ze kréien.

De CGDIS bekëmmert sech em d'Staatsmedailen, inkl. déi nei Medailen vun der Sécurité civile. Et ass Memberen vum Zentralkomitee opgefall, dass den Antrëtsdatum vun verschiddenen Agenten um Portail net richtig ass (*Portail CGDIS – Informations personnelles – Date d'entrée CGDIS*). Mir bieden d' Presidenten vun den Amicallen d' CIS-Cheffen dorop opmierksam ze maachen fir hier Memberen ze kontrolléieren an wann néideg déi richtig Datumen der DRH vum CGDIS ze mellen.

De Verband fäert, dass doduerch Agenten net déi Medaille zougesprach kréien déi hinnen zousteet. Falls déi néideg Informatiounen feelen, kënnen des beim Pompjeesverband gefrot ginn.

Déi wichtegst Punkten, déi bei der Sëtzung vum Zentralvirstand vum 11. Februar 2021 beschwat goufen:

- Den Zentralvirstand vum Pompjeesverband huet festgehalten seng statutaresch Generalversammlung am Abrëll ofhalen. Wéinst den aktuellen Restriktionen wäerten och d' Joer d' Ofstëmmungen per Brëfwal virgeholl ginn, wéi vun der *loi modifiée du 23 septembre 2020 portant des mesures concernant la tenue de réunions dans les sociétés et dans les autres personnes morales* erlaabt ass. Soubal d' Situatioun et erëm zouléist wäert de Pompjeesverband eng physisch Versammlung fir seng Memberen organiséieren.
- Op Ufro vun der Direktioun iwwerdréit de Pompjeesverband seng Memberschaft an der EFSCA (European Fire Service Colleges' Association) un de CGDIS.
- Den Zentralcomité ass der Meenung datt dat Provisorescht elo aus dem Indemnitéitereglement vum CGDIS verschwanne misst. All déi Kolleeginnen a Kollegeen, déi keng Permanence maachen a just per Alerte générale eraus

Sait 1 vun 2



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg



POMPJEESVERBAND FLASH Februar 2021

fueren kënnen net derfir datt de CGDIS seng Datebanken net erlaben, sou wéi vun der ad hoc Kommissioun déi Taxereglement iwwerschafft hat virgeschloen, 5 EUR pro Asaz ze kréien. Et geet hei net drëms en Loun fir den Asaz anzeféieren, mee em eng Onkäschtebedeegung an em e bësse Fairness am System. Well och des Kolleginnen a Kollegen beweisen bei all Asaz Bereetschaft an Engagement. D' Indemnisationen goufen Enn 2011 agefouert. Elo gëtt et héich Zäit de System méi Fair a Gerecht ze gestallten. Wann Daten feelen, muss de CGDIS sengen Zentercheffen souwäit vertrauen, fir des Enveloppe ze verdeelen! Mat den Enveloppen fir d' Unitéite klappt et jo och!

Dëst ass e Punkt deen eis zimmlech Wichteg ass an hannert deem mir bleiwen bis eppes ëmgesat ass! Mat eiser Gedold zu dësem Thema geet et elo zum Enn. Et muss elo gehandelt ginn. Mir wäerten mat Virschléi un de CGDIS eruntrieden!

- Betreffend d' Impfung géint de COVID Virus besti mir och drop, datt no den SAP-Kolleginnen a Kollegen d' Impfung op all déi aner aktiv Agenten ausgedeeent gëtt. Mise au lit, betrieie vu Patienten bei engem VU, ... et gëtt vill Asätz wou net nëmmen SAP Leit mee och INCSA Leit de Patienten vill ze no komme mussen. Et geet net nëmmen em eise Schutz, mee och em de Schutz vun eise Clienteën.
- Mir géifen et och begréissen, wann de CGDIS d' Grippeimpfung, déi just fir SAP Leit ugebuede gouf, och fir INCSA Leit ubidde géif. Eisen Informatiounen no ass eng gesond Impfstoffreserve am Land, déi falls net benotzt, geschwënn ewech gehäit muss ginn. Nach ass et net ze spéit!

Marc MAMER
President

Sait 2 vun 2



bureau@fnsp.lu



28 55 641



www.fnsp.lu



<http://www.facebook.com/fnsp.lu/>



7, rue Chr. Plantin
L-2339 Lëtzebuerg